



n° 2354

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 10:09, 09/06/2020

Lëtzebuerg, den 09/06/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit, Finanzen & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

D'Regierung huet decidéiert de Kaf vu Vëloen zu Lëtzebuerg méi ze subventionéieren. Iwwert de Klimafong gëtt de Kaf vun engem neie Vëlo mat bis zu 600 Euro ënnerstëtzt. Wéi de Mobilitéitsminister op RTL erkläert huet, fueren dausende Leit pro Dag mam Vëlo. Et handelt sech - an de Wieder vum Minister - ëm ee reegerechte Boost, deen ee wëll begleeden an d'Zäit wär elo do, fir et ze maachen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit hu vun der erhéichter Primm fir Vëloer profitéiert?
2. Um Site vu Myenergy steet geschriwwen:

Achat du cycle entre le 11 mai 2020 et le 31 mars 2021 (date de la facture acquittée)

Ugesiichts, datt schonns Persounen virun der Erhéijung vun der Primm bereet waren, sech een neie Vëlo zouzeleeën, wäerten déi Läit, déi fir 2020 eng Rechnung virlééë kënnen, och vun der erhéijter Primm profitéiere kënnen a retroaktiv Sue rembourséiert kréien?

3. Ass, am Hannergrond vun der Fërderung vun enger zirkulärer Wirtschaft, geplangt, d'Primm och fir Secondhand-Vëloen auszewäiten?
4. Wéi vill Vëloer sinn zënter 2013 (opgelëscht no Joer) beim Staat ugeschafft ginn? Wéi vill Kilometer mam Auto konnten doduerch insgesamt agespuert ginn? Wéi vill CO₂-Emissiounen konnten doduerch agespuert ginn?
5. A menger parlamentarescher Fro n°1915 hunn d'Ministere mir geäntwert, dass d'Regierung sech zum Zil gesat huet de gesamte Fierpark vun der Regierungsmembere mëttelfristeg **total** CO₂-emissionsfräi ze kréien. Wat fir een Zäitraum versteet d'Regierung ënnert dem Begrëff "mëttelfristëg"?



www.piraten.lu

6. Wäert d'Regierung an deene nächste Méint een Deel vun hieer Limousinnen duerch Véloen ersetzen?
 - Falls jo, wéi vill Limousinne sollen duerch Véloen ersat ginn?
 - Falls nee, firwat net?
7. Wéi vill Ministeren si bereet hier Limousinnen an noer Zukunft ofzeginn an, am Kader vun hierem Mandat, nëmmen nach mam Velo a mam ëffentlechen Transport ze fueren?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député





CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 09 juin 2020

Objet : Question parlementaire n° 2354 du 09.06.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen -
Promotion de la mobilité douce

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois
afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés